



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 13/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

Wéi 100,7 beriicht gëtt de lëtzebuergesche Militärsatellit GovSat1 zwee Joer nom Start vum Projet bal net benotzt. Et handelt sech bei GovSat ëm ee private-public Partnership tëscht dem Staat an der Satellitfirma SES, un der de Staat 12,60% Undeeler besëtzt. D'Firma huet ausser dem lëtzebuergesche Staat aktuell keen eenzege Client an huet de Steierzueler, den Informatiounen vun 100,7 no, bis ewell 167 Milliounen Euro kascht.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. 100,7 schreift, dass d'Schwieregkeeten doranner leien,

datt Gov-Sat e Public-Private-Partnership tëscht dem Staat an der SES ass.

Wéi eng Schwierigkeeten hunn sech aus der Konstellatioun vu GovSat als privat public partnership erginn?

2. Wat sinn d'Grënn, firwat GovSat bis haut keen eenzege Client ausser dem lëtzebuergesche Staat huet?
3. Ginn d'Servicer vu GovSat "Gov2Gov" (government to government) oder ënnert der Form vun enger Privatentreprise? Falls GovSat am Ausland als eng privat Entreprise consideréiert gëtt:
 - U wéi villen ëffentlechen Ausschreibungen huet GovSat deelgeholl?
 - Kann de Minister confirméieren, dass effektiv keen eenzege Optrag huet konnten u Land gezu ginn?
4. Wéi vill Euro huet de Projet GovSat de Steierzueler bis haut insgesamt kascht (Operatiounskäschten inkludéiert)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu